



## **E klénge Compte rendu “Bass du Mega” vum Gespréich vun der Mme Hetto matt de Schüler am LYCEE ATERT REIDEN 07.07.2010**

Den 07.Juli wor d'Madame Françoise Hetto-Gaasch ëm 10h00 direkt no der Moiespaus am Lycée Atert zu Réiden am Gebai fir d'Campagne “MEGA” vum Ministère de l'Égalité des chances unhand vun enger Présentatioun an enger uschléissender Diskussiounsrönn viirzestellen.

Hiere Public huet sech bei dëser Geleegeenheet aus zwou 6ème-s Klassen a jeweils der 10ème souwéi der 11ème Paramédicale an déi dozougehéiernd Memberen vum Léierkierper zesumme gesat.

Nodeems d'Ministësch perséinlech vum Häer Direkter Boever am Schoulhaff empfaange gouf, gong et dann direkt weider an de grouse Festsall vum Lycée, deen zu dësem Zweck scho mat Trennmaueren verkleengert gi war, woubäi de Schüler hier Sätzgeleegeenheeten schonn an engem Hallefkrees ronderem de Riednerdësch mat kabellose Mikroen opgeriicht gi waren.

De Stand mat de Publicitéitsartikelen an T-Shirten war diskret hanne bei der Trennwand opgebaut, während di eenzel Stänn a Roll-ups mam Logo vun der Campagne, zesumme mat deem vum riisege Beamer projezéierten Ecran un der Réckwand vun der Bühn, just hannert de Riednerdësch dat Ganzt an deen entspreche visuelle Kader gesat hunn.

Et gouf du gewaart, dass d'Paus zu Enn koum an dunn hunn d'Schüler, ëm di 70 un der Zuel, disziplinéiert am Sall Plaz geholl.



Wéi jidweree bis soutz huet den Häer Boever dunn och duerchgegraff an opgeruff, dë Gespréicher ën Enn ze setzen.  
Wéi bis Rouh am Sall agekéiert war, huet hien sech, no enger kuerzer Usprooch, diskret an den hënneschten Eck vum Sall zrëckgezunn.

Den Häer Wilwers vun der Agence COMED huet mat enger projezierter Power-Point-Präsentatioun als Introduktioun mol souwuel d'Campagne "MEGA" wéi och den Internet-Site, deen dozougehéiert, viirgestallt.

Wéi hien du fäerdeg war, huet hien dë Mikro weiderginn un d'Mme Hetto, déi als éischt di uwiesend Klassen an hier Enseignanten mol remerciéiert huet fir hier Präsenz ier së dann nach als Ofschloss vun der Präsentatioun vun der Campagne nach zougefügt huet dass dë Song-Contest ofgeschloss wäer an dass di zwee Gewënner-Lidd-Texter dann, jeweils vun dë Gruppen METRO an DELÄB, vertount an opgeholl goufen.

Dat Ganzt géif dann an der Rentrée op CD gepresst a verdeelt ginn, genee sou wéi ë Bichelchen mat all dën Textviirschléih, déi beim Ministère agaange sinn,

well déi all sou flott gi sinn, dass sè net sollen verluere goen an ongelies bleiwen, souguer wann der nëmme zwéin am Endeffekt konnten effektiv vertount ginn.

Du goug et dunn och direkt eran an d'Matière.

Unfank Mee 2010 hat de Ministère fir Chancegläichheet eng Campagne fir di Jonk gestart an d'Madame Hetto wollt elo einfach mol vun deene Jonke wëssen wat si vu Chancegläichheet denken.

Op hier éischt Fro, wat sech d'Schüler dann iwwerhaupt ënnert dem Wuert "Chancegläichheet" viirstellen waren d'Schüler vläit iwwerascht, sou direkt ugeschwat ze ginn an no engem klengen Silence huet sech dunn ee vun den uwiesenden Régenten zu Wuert gemellt .

Hien huet drop higewisen:

- datt ë Patron dacks léiwer Männer astellt wéi Fraen wëll déi Kanner kréien an dann net ëmmer do sin;
- datt d'Männer besser bezuelt ginn ewéi d'Fraen;
- datt am Léierkierper awer ëmmer nach méi Dammen wéi Häeren als Neizougäng ukéimen, dat nächst Schouljoer wäer do keng Ausnahm
- datt nach ëmmer eng gewësse Retizienz wäer bei de Leit, sech fir "geschlechtsontypesch" Beruffer ze entscheiden

D'Madame Hetto huet zu deem Punkt ausgefouert, dass se elo viru kuerzem unhand vun engem praktesche Beispill aus enger Botzfirma hei am Land matkruut, dass ë Mann an dëser Firma 21€/Stonn bezuelt kriit, während eng Fra fir dieselwecht Aarbechtsszäit nëmme 16€ berechent kriit.



Si hätt dunn de Patron vun däer Firma mat döser blatanter Ongerechtegkeet konfrontéiert a gäere vun him gewosst, wéisou dat esou wäer. Do hätt et geheescht, dass dat eng Zort "Risiko-Prime" wäer, well Männer an däer Firma am Géigesatz zu Fraen op héich Leedere klamme mussen asw. D'Ministesch hätt du weiderhinn dru festgehalten, dass et eng Ongerechtegkeet wier, well di Fraen an däer Firma musse vill eeklege Knascht, zum Beispill an Toiletten, wegmaan, wat bestëmmt och net einfach ass.

D'Schüler woren entsat a wollte wëssen wéi een da lo kéint esou enger Ongerechtegkeet entgéintwierken, wann een se da bis ewell festgestallt hätt, oder ob souguer de Ministère do keng Handhab hätt.

Si kruuten g'äntwert, dass een esou eppes direkt soll am Centre de l'Egalité de Traitement mellen, déi da géifen d'Inspection du travail et des mines aschalten an da wäeren duerchaus Sanktioune méiglech, mee et géif baal keen sech trauen, dëss Organismen anzeschalten, aus Angscht viru Repressalien op der Aarbecht, oder diselwecht vléit souguer ze verléieren.

Wéi een dann do kéint handelen, wollten d'Schüler du wëssen.  
Ob Meedchen oder Jong soll keen Afloss dorober hunn, ob ee manner oder méi an der Pai kritt, wann een di selwecht Aarbecht mecht.

Dat ass och zënter 1974 gesetzlech verankert.

Trotzdem gët festgestallt - net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee eigentlech an allen Europäesche Länner -, datt Fraen fir di selwecht Aarbecht, an der selwechter Situatioun, manner verdingen an dat bis zu 14-15%. Dat ass vill an nët novollzéhbar. Och dat ass een vun den Zieler vum Chancegläichheitsministär fir dat ze änneren.

Wann elo Irrégularitéiten op der Aarbechtsplaz festgestallt géife ginn, dierft een net mi eweckucken. Et misst ee villméi dann Zivilcourage weisen an di Saache mellen, dass dat kann op den Instanzewee goen bei deenen zoustännegen Organismen, eréicht da kéinte Sanktiounen a Kraaft trieden a sech eppes änneren.

D'Ministesch wollt du wëssen ob di versammelt Meedercher a Jongen schonn eppes vum Girl's Day/Boy's Day héieren hätten, bei deenen di Jonk eemol d'Joer d'Geleegenheet kruuten an Beruffer eranzeschnupperen déi ebe just fir hiert eegent Geschlecht ontypesch sinn.

Dat war der grousser Majoritéit vun de Schüler ë fixe Begrëff.

D'Méiglechkeet fir Jongen a Meedercher een Dag am Joer an ë Betrieb ze goen an sech en „atypesch“ Beruf unzekucken, ass zwar eng gudd Saach, mee vill ze wéineg. D'Schüler hu fonnt, dat misst vill méi oft sinn, zum Beispill gekoppelt matt engem Stage an der grousser Vakanz. De Girl's-Day-Boy's Day misst och op sinn fir méi jonk Schüler vun 4e oder 5e an net nëmmen grous Klassen.

Et ginn haut nach ëmmer soi-disant tpyesch weiblech oder männlech Beruffer. Hei fällt op, datt d'Fraen sech a bestëmmte Berufszweiger konzentréieren an nët esou vill, wéi d'Männer, an enger méi breeder Palette vu Beruffer schaffen. Och do wier et awer gutt, wann an de Beruffer insgesamt méi en Equiliber wier tëscht Fraen a Männer. Dat beräichert d'gesellschaftlecht Liewen a géif verschidde Beruffer och méi valoriséieren.

Em wat geht et? Et geht drëm, nët vu vireran ze soen "Dat do ass näicht fir ë Meedchen oder dat do ass näicht fir ë Jong", dat si viirgefaasste Meenungen an do wëll de Ministère fir Chancegläichhett dru "fréckelen".

Firwat soll et beispillsweis nët méi Schoulmeeschter ginn a méi Infirmieren?  
Firwat ginn et nët méi Informatikerinnen?



Et sinn natiirlech och ëmmer perséinlech Viirléiften, déi spillen fir deen een oder aner Beruf ze ergräifen.

D'Madame Hetto huet drop opmierksam gemaach, datt de Ministère fir Chancegläichhett sech besonnesch fir ë Mentalitéitswiessel asetze well an dru schafft, datt d'Gläichheet vu Fraen a Männer an eiser Gesellschaft iwwerall erreicht get. Dat geschitt natiirlech duerch Gesetzer, mee awer och duerch politesch Mesuren a virun allem och duerch Sensibiliséierungsaktiounen.



Als Schüler mengt ee vläicht, bei der Entscheidung wat ee well léieren géif nëmmen di perséinlech Entscheidung mattspillen, mee et spillen och Clichéen matt, viirgefaasste Meenungen, Traditiounen, also villes wat engem mol och guer net sou bewusst ass.

Jiddereen huet a séngem Kapp traditionnell Rollebillen vu Meedercher a vu Jongen, vu Fraen a vu Männer. D'Mme Hetto hëllt als Beispill datt Meedercher sech net sou vill fir Technik interesséieren. Et ass effektiv esou, datt op Technik vill manner Meedercher sinn. Ass dat elo well Meedercher näischt matt Technik unzufänke wëssen? Oder leit et och dorunner, datt viirgefaasste Meenungen d'Meedercher vun Ufank unn dovunner ofhalen fir an eng technesch Richtung ze

goen? Dat selwecht gëllt fir d'Jongen. Wirwat sinn nët méi Männer herno am soziale Beräich oder Gesondheetsektor oder am Enseignement ?

D'Mentalitéiten änneren nëmmen ganz lues, an esou eng Aktioun wéi d'Campagne Echsimega soll positiv ureegen fir nozedenken. Dat ass d'Ziel dovunner.

Mentalitéiten gi natiirlech beaflosst vun deem wat mir all Dag gesinn: am Fernseh, am Kino, um Internet, an de Videoen, an de Medien am allgemengen. Och do gi mir alleguerten vu Rollebillen mattgeformt.

Ee Beispill aus Spuenien: A Spuenien waren esou vill jonk Meedercher anorektesch gin (dat heescht si hu bal guer näischt méi giess fir nëmmen nët déck ze ginn!) datt ë Gesetz gemaach gouf fir ze verbidden, datt ze dënn Meedercher kënnen eng Karrière als Modell kréien/maachen. Do gesäit een, wéi wäit Virbillen kënnen eist Liewen an Handelen beaflossen.

Du koom d'Madame Hetto nach eng kéier drop zrëck wat den Häer Régent ugangs gesot haat, nämlech, dass och am Educatiounswiesen bei deenen neien Proffen fir dat nächst Schouljoer kee Gläichgewiicht erreecht géif ginn mee datt et och do rëm vill méi Damme wéi Männer wäeren, déi do untriede géifen.

Si huet beklot, dass Kanner am Fong ganz kloer encadréiert sinn duerch ee Geschlecht am gesamte Verlaf vun hirer Kandheet an dass dat anert Geschlecht als Bezugs- a Rollebild quasi komplett fehlt. Besonnesch klenge Jongen kéint esou mol eng Bezugspersoun, déi Verständnis fir hier ganz spezifesch Suergen a Probleemer huet, ganz gutt dinn, amplaz vun der Gebuert unn, doheem, an der Crèche, an der Primäerschoul bis erop an de Lycée baal eenzeg an eleng mat Fraen ze dinn ze hunn. Egalitéit misst och a virun allem an der Erzéihung méi praktizéiert ginn.

Mee et gin awer och Zeechen, datt eppes sech ännert : de congé parental deen gesetzlech viirgesin ass, fir den Elteren et ze erméiglechen e puer Méint bei hiere klenge Kanner ze bleiwen gouf virun 10 Joer nëmmen vu 6% Männer genotzt. Haut sin et awer schon 26%.

Et misst een och oppassen duerch bestänneg Géigeniwwerstellung d'Geschlechter nët géinteneen auszespillen mee et wäer vill méi produktiv wann een di verschidde Kompetenzen an Erugoensweisen, déi verschidden Erfahrungswerter, sech géigesäiteg géif ergänze loossen, esou erreecht een da Gläichheet op verschidden Niveauen.

Et wor dunn un de Schüler fir Froen ze stellen, d'Ministesch ass hannert dem Pult opgestanen an an d'Ronn virun d'Schüler getratt, mat engem kabellose Mikro am Grapp, ënnerstëtzt vum Isabelle Wickler, och aus dem Ministère, wat genee esou ë Mikro och an der Hand hat an duerch d'Reihe bei d'Schüler goug

fir et hinnen méi liicht ze maan, un ë Mikro ze kommen an esou hier Froen kloer a verständlech fir de Sall ze formuléieren.



D'Naomi, di éischt Schülerin déi zu Wuert kouw wollt ënnersträichen, datt een deen doten Discours scho misst an der Primärschoul un d'Kanner eruféieren fir sē vu fréihster Kandheet un mat der Thematik vertraut ze maachen, nēt eréicht elo. Däer Meenung hu sech och aner Schüler ugeschloss.

D'Madame Hetto huet dunn mol gefrot ob d'Schüler schonn eppes vun enger Quoteregelung héieren hätten.

A Skandinavien get et elo eng Obligatioun, datt 40% an de Verwaltungsrot vu Fraën besat musse gin. An deene Länner ass fir d'éischt Drock gemaach ginn, datt d'Entreprise sech sollte fräiwelleg ëmstellen. No ë puer Joer, wéi nach emmer näischt geännert war, ass do ë Gesetz komm.

D'Ministesch wollt vun de Schüler wëssen, wat si dovunner halen.

Et kann ee keen zwéngen, huet ee Schüler gemengt fir sech an ë Verwaltungsrot ze mellen. En anere Schüler, dē Max, sot awer, et misst een ebe just gezwonge ginn an et sollten sugger Geldstrofen fir Betreiber ginn wa net genuch Fraën am Verwaltungsrot oder genuch Männer op Verkeefer-Plazen am Supermarché zum Beispill wieren.



D'Lara huet du gemengt, et misste méi Gruppenaarbechten an der Schoul gemaach ginn, bei deene Jongen a Meedercher missten zesummeschaffen, sech mat hieere Kompetenzen a Fähigkeeten ergänzen. Dobäi kéinte si dann all vill léieren.

D'Madame Hetto huet zougestëmmt a gefrot, ob d'Schüler da wéissten, dass nach viru knapp 50 Joer Jongen a Meedercher getrennt vuneneen an d'Schoul gaange sinn. E puer vun de versammelte Kanner woren erstaunt.

D'Laetitia sot dorops hinn dass hatt der Meenung ass, et wäer besser Schouluniformen anzeféieren, dann hätt jidwereen dat selwecht a Gläichheet géif och ënnerhalb vun de Geschlechter kënnen erreecht ginn, ouni Cliquenzwang a Kleeder-Marken-Obsssiounen, déi dacks an Exclusioun a sozialer Diskriminéierung ausarte géifen.

D'Ministesch wollt dorobber hinn direkt vum Sall wëssen, wat all di aner dovunner halen.

D'Majoritéit war éischer skeptesch. Dë Ken huet ze bedenke ginn, dass een eng Zort vun Drock an Diskriminatioun net besser mecht, andeems een op där aner Säit Leit nach méi an hirer Fräiheet aschränkt, dat wäer just weideren Drock.

Dozou huet d'Madame Hetto ageworf, dass d'Medien do schonn en Drock bei deene jéngste vun ons maan, deen net kritesch genuch analyséiert gët. Si huet vun der Geleegenheet profitéiert di Jonk ze ermutegen do nach mat hiren Elteren konstruktiv iwwert di gesamt Problematik ze diskutéieren.

D'Isabelle Wickler vum Ministère huet sech dann zu Wuert gemellt an nach eng kéier an de Sall no deene besonneschen Interessepunkten vum Internet-Site. gefrot

Eng Schülerin huet gemengt, di Videoen mat Interviewen vun anere Schüler wäeren interessant an opschlussräich gewiecht

D'Ministesch huet dunn d'Schüler nach eng kéier am Speziellen duerfier opgeruff, sech fir Politik z'interesséieren:

“Loosst net di aner fir iech décidéieren. Iwwerleet lech dat ganz gutt. Interesséiert iech fir Politik !”.

Nëmmen esou kéint een duerfier suergen, dass sech Saachen veränneren an a Beweegung setzen. Bis viru knapp 40 Joer wäer et enger Fra zum Beispill nach net erlaabt gewiecht, eleng ouni hire Mann ë Konnt op enger Bank opzemaan!

Si huet duerfier all de Schüler geroden sech méi an der Gesellschaft ze engagéieren, wéi zum Beispill am Jugendparlament. Do steet och eng Informatioun doriwwer um Site echsimega.lu.

Dë Ken huet dann nach fonnt, datt haaptsächlech iwwer Fraë geschwat get a gemengt dat kéint alles liicht a säi Géigendeel ëmstoussen an onbewosst eng Art Männerhaass bedriwwen ginn.

D'Mme Hetto huet nach eng Kéier drop insistéiert, datt de Ministère fir Chancegläichheet net nëmme Fraën ënnerstëtzt, mee sech aktiv fir d'Gläichheet tëscht Fraën a Männer asetzt.

E probéiert iwwert de Wee vu Communicatioun Rollebiller vu Fraën a Männer a verstoppte Clichéen visibel ze maachen an ë Mentaltéitswiessel bei de Leit erbäizeruffen. Et gin natiirlech net nëmme Sensibilisatiounskampagnen lancéiert, mee och eng Rei Etuden gemaach oder subventionéiert . D'Themen déi Männer a Fraë betreffen sinn op allen Niveauën an der Gesellschaft: Schoul, Aarbecht, Famill, Gewalt dohem, Prostitutioun.....

Duerno sot d'Madame Hetto dë versammelte Schüler, dëm Léierpersonal souwéi der Direktioun merci fir dat flott Gespréich.